N°416
Entrée le 04.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.

An Däitschland ass een Gespréich vun Membere vum Militär iwwert Taurus-Rackéiten vu Russland ofgelauschtert ginn. Laut ZDF-Informatiounen huet d'Gespréich wierklech stattfonnt.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gräift d'Lëtzebuerger Arméi fir intern Kommunikatioun op Web-Konferenzen zréck?
2. Gräift d'Lëtzebuerg Arméi fir Kommunikatioune mat externe Partner op Web-Konferenzen zréck?
3. Ginn Messenger-Déngschter wéi Whatsapp oder de Messenger vu Meta fir d'Kommunikatioun tëscht de Membere vun der Arméi genotzt? Wa jo, gesäit d'Regierung hei kee Sécherheetsrisiko?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°416
Entrée le 18.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 416 vum 4. Mäerz 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen an vum Här Deputéierten Ben Polidori.

D'Handhabe vu klassifizéierten Informatiounen gëtt haaptsächlech op Basis vu follgenden Texter gereegelt:

- Loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité;
- Décision du Conseil du 23 septembre 2013 concernant les règles de sécurité aux fins de la protection des informations classifiées de l'Union européenne (2013/488/UE).

Déi erlaabte Kommunikatiounsmëttele ginn entspriechend dem Niveau vun der Klassifikatioun vun der Informatioun festgeluecht.

Wann et sech ëm Informatiounen handelt, déi net klassifizéiert sinn, sinn normal Emailen, Messenger-Déngschter oder normal Videokonferenzen (wéi z.B. Webex oder Skype) erlaabt.

Wann et sech em klassifizéiert Informatiounen handelt, ginn exklusiv geséchert Moyene benotzt.

D'Personal vun der Arméi gëtt zu dësem Sujet och reegelméisseg informéiert, sensibiliséiert a forméiert.

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes